N° 6374
Reçue le 20.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6374 vum Här Deputéierte Fred Keup iwwert Tariffer an den Alters- a Fleegeheemer.

D'Alters- a Fleegeheemer zu Lëtzebuerg sinn net staatlech co-finanzéiert am Sënn vun enger finanzieller Participatioun déi de Staat géif fir Fonctionnementskäschten un d'Gestionnaire bezuelen. Déi eenzeg méiglech finanziell Participatioun vum Staat ass am Fall vun enger Renovatioun oder bei engem Neibau, wou de Staat kann en Deel vun de Renovatiouns- a Baukäschten iwwerhuelen.

Dofir ass et dem Staat och net méiglech an d'Tarifpolitik vun de Gestionnairë vun Alters- a Fleegeheemer anzegräifen.

Et sief bemierkt, dass den établissement public SERVIOR, deen esou ewéi all déi aner Gestionnairen och net staatlech co-finanzéiert ass, déi lescht Hausse vum Pensiounspräis, déi net indexgebonne war, am Joer 2009 gemaach huet.

Wat d'Prestatioun vum „Accueil gérontologique » ugeet, do wäert ech géint Enn vun dësem Joer en avant-projet de loi am Regierungsrot diskutéiere loossen, deen d'Ënnerstëtzung fir d'Beneficiaire däitlech verbessert.

D'Regierung weess awer, dass déi aktuell héich Inflatioun och de Gestionnairë vun Alters- a Fleegeheemer ze schafe mécht; dofir suivéiert se d'Evolutioun fir, wann néideg, eventuell Mesuren ze huelen.

Letzebuerg, den 20. Juli 2022

D'Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen